

Ueschléissend komme jo nach Modifikatiounen um Reglement, fir dat dann do och konkreet kënnen a Musek ëmzesetzen. Ech wëll just soen, dass et gutt ass, dass mer eis zesummesetze kënnen, dass mer Problemer, déi et gëtt, oppen uschwätze kënnen an dass mer och herno Solutiounen sichen, fannen. Sou soll dat och an Zukunft weidergoen. An de Rescht vun deene Punkten, déi nach ustinn, wéi dass mer an Zukunft eebe Chamberswochen a Kommissiounswoche kréien ... Dat ass ab dem nächste Joer, dat wësst Der. An och hei ass et wichteg, dass mer herno e Bilan dresséieren, fir ze kucken, wéi dat och alles herno ëmgesat gi kann. Mee dat Wichtegst ass elo, dass mer eis dann hei eenegen an dass mer eis och drop eenegen, dann déi Eenegung anzehalen.

Merci.

An ech deposéieren hei d'Resolutioun.

Résolution

La Chambre des Députés,

considérant

– que la charge croissante du travail parlementaire demande une réorganisation des réunions de commission et des séances plénières ;

– que de nouveaux créneaux viennent d'être ajoutés aux plages fixes existantes pour faciliter l'organisation de réunions de commission ;

– que cette évolution exige une présence accrue et une préparation plus conséquente des députés et que les discussions sur le statut du député devraient en tenir compte,

invite le Président de la Chambre des Députés

– à veiller au respect des délais de convocation des réunions de commission tels que définis à l'article 23 (2) du Règlement de la Chambre des Députés ;

– à veiller à ce que des demandes de dérogation à ces délais soient soumises à l'accord du Président de la Chambre des Députés et dûment motivées ;

– à s'assurer que les réunions de commission soient convoquées pendant leurs plages fixes, sauf urgence dûment motivée ;

– à intervenir auprès des Présidents de commission lorsque des demandes de mise à l'ordre du jour ne sont pas traitées dans un délai raisonnable et à convoquer le cas échéant lui-même une réunion de la commission visée,

décide

– de compléter le Règlement de la Chambre des Députés par les nouvelles prérogatives du Président de la Chambre des Députés ;

– en attendant la modification du Règlement de la Chambre des Députés, d'accorder au Président de la Chambre des Députés le droit d'annuler des réunions de commission convoquées sans respecter le délai défini à l'article 23 (2) ou sans demande de dérogation dûment motivée, après avoir été contacté à cet effet par un Président des groupes ou des sensibilités politiques et après en avoir référé au Président de la commission concernée ;

– d'inviter le Président de la Chambre des Députés à convoquer des réunions de commission lorsque des demandes de mise à l'ordre du jour n'ont pas été traitées dans un délai raisonnable ;

– de laisser au Président de la Chambre des Députés l'appréciation de la notion de délai raisonnable et de l'opportunité d'annuler des réunions de commission, tout en l'encourageant à consulter la Conférence des Présidents pour avis en cas de contestation soulevée par un Président de groupe ou de sensibilité politique ;

– de distinguer entre les semaines réservées aux séances plénières et les semaines réservées aux réunions de commission ;

– de convoquer systématiquement des séances plénières aussi le mercredi matin et le jeudi matin pendant les semaines de séances plénières ;

– de fixer le calendrier ainsi que, dans la mesure du possible, l'ordre du jour des séances plénières plus longtemps en avance et de ne pas déroger à ce calendrier tout en respectant au mieux le calendrier des organisations internationales ;

– de faire débiter ce nouveau mode de fonctionnement en janvier 2025 et d'en établir un bilan en juillet de la même année ;

– de fixer le commencement des séances publiques à 14.00 heures, y inclus les mardis, et de modifier l'article 32 (4) du Règlement de la Chambre des Députés en ce sens ;

– d'inviter la Conférence des Présidents à tenir compte de ces évolutions lors des discussions sur l'adaptation du statut du député.

(s.) Taina Bofferding, Gilles Baum, Marc Baum, Sven Clement, Fred Keup, Marc Spautz, Sam Tanson.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Bofferding. Ech mengen, d'Resolutioun ass elo hei ënner enger schéiner, gutt ënnerschrifwener Form och deposéiert ginn. Ech mengen, Dir kennt se alleguer. Also een, deen elo d'Wuert wëllt dozou huelen, dee ka sech direkt melden. Ech hunn nach ageschriwwen, den Här Spautz géng kuerz eppes soen. Da kucken ech op den Här Baum, dee wëllt och näischt soen. Den Här Keup och net. Ok, esou komme mer virun.

(Hilarité)

Den Här Clement an den Här Baum? Da si mir eis eens. An da géng ech déi Resolutioun hei ganz einfach zum Vott stellen. Ech ginn dovun aus, dass dat par main levée méiglech ass.

Vote sur la résolution

Dann: Wien derfir ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Ass een dergéint?

Enthält ee sech?

Ma dann ass dës Resolutioun à l'unanimité ugeholl. An da soen ech Iech villmools Merci fir déi Unanimitéit.

25. 8438 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative aux commissions parlementaires et aux séances publiques

An da géinge mer zum nächste Punkt op eise Ordre du jour kommen. Dat ass d'Proposition de modification vum Reglement vun der Chamber, an zwar den 8438 iwwert d'Kommissiounsreuniounen a -sätzungen. De Rapporteur huet 5 Minutten an en huet elo d'Wuert. Den Här Cruchten.

Rapport de la Commission du Règlement

M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur | Merci, Här President. Dat Reglement hei ass natierlech eng direkt Konsequenz vun där Resolutioun, déi mer elo hei gemeinsam ofgestëmmt hunn.

Här President, ech sinn elo eelef Joer Member an dëser Chamber an ech kann, wéi vill anerer heibannen, feststellen, dass sech d'Aarbecht verännert huet an deene leschte Joren. Ob d'Zuel vu Kommissiouns- oder Plenarsätzungen, ob d'Zuel vu Gesetzestexten, vu

Resolutiounen oder Motiounen, den Aarbechtsofwand ass déi leschte Jore staark geklommen. Just e puer Zuelen: An der Period 2013-2018 goufe 500 Gesetzer vun der Regierung deposéiert. An der Period 2018-2023 waren et der scho 750. An déi nei Regierung gëtt sech och drun, fir nach vill Gesetzer ze deposéieren. Vu knapps 900 Stonnen effentleche Sitzungen si mer an der leschter Period op bal 1250 eropgaangen. 2018 hate mer bal 500 Kommissiounssätzungen. Zejoert waren et der 660. Um Héichpunkt vun der Pandemie waren et der souguer wäit iwwer 800.

Besonnenes an der Pandemiezeit hu mer eis eege Reegelen hei iwwer Bord geheit, fir kënnen séier virunzekommen. Do ass net onbedéngt gekuckt ginn, ob zum Beispill d'Delaie, fir eng Kommissiounssatzung anzeberufen, agehale goufen oder net. Dat war deen Ament richteg an néideg, well iergendwéi wollt de Virus net op d'Chamber waarden, fir sech auszubreeden.

(Hilarité)

No der Pandemie huet sech allerdéngs agerass, dass d'Delaie vläicht net esou wichteg sinn a mir sinn eigentlech net méi wierklech zrëckkomm op eis Manéier ze schaffen, wéi mer dat virdu gemaach hunn. Delaie sinn awer wichteg. Si si wichteg, fir dass d'Deputéiert Zäit an heiansdo och deen néidege Recul kréien, fir d'Texten ze analyséieren, Debatte virzebeereeden, Froen ze stellen an ze beäntweren. Et ass an der Chamber net anescht ewéi soss an der Aarbechtswelt: Wann et muss séier goen, wann eppes iwwert de Knéi gebrach gëtt, da kann et sinn, dass d'Qualitéit am Endeffekt drënner leide muss. Mir wëllen hei awer alleguerten eng gutt parlamentaresch Aarbecht leeschten, jiddereen a senger Roll, egal ob aus der Oppositioun oder aus der Majoritéit eraus.

Aus all deene Grënn wëlle mer eis Manéier fir ze schaffe besser a kloer reegelen. Éischters wëlle mer, dass d'Kommissiounssätzungen op feste Plage-horairë fixéiert ginn, fir dass all Kommissiounsmember sech duerno riichte kann, an dass dës Sätzungen spéitstens dräi Deeg virdu convoquéiert ginn.

Zweetens wëlle mer, dass dës Plagen och respektéiert ginn, et sief, et wär eppes Aussergewéinlech an de Chamberspresident géif heifir eng Ausnam accordeieren.

Drëttens wëlle mer, dass, wann eng Fraktioun oder eng politesch Sensibilitéit eng Reunioun vun enger Kommissioun ufreet, fir iwwer en Theema ze diskutéieren, dës och matzäiten, also bannent engem verstännegen Delai, aberuff gëtt.

A véiertens wëlle mer festhalen, dass eis Chambersätzungen ëmmer moies um 9.00 a mëttes um 14.00 Auer ufänken.

Här President, wa mer dësen Text, an dovunner ginn ech aus, alleguerten heibanne wäerte stëmmen, da bescheinegen Iech, Här President, all d'Deputéiert heibannen, dass Dir ganz verstänneg sidd. Jo, well mer net alleguerten déi selwecht Virstellungen hu vun engem räsonabelen Delai. Wat ass dat? Wat ass dat net? Dofir leeë mir dës Appreciation an Är Hänn. Mir sinn iwwerzeegt, dass Dir dat néidegt Fingerspëtzegefill wäert hunn, fir dat am Sënn vun der Chamber a vun allen Deputéierten ze tranchéieren.

D'Presidentekonferenz huet sech den 19. Juli mat der Resolutioun ausernanergesat an den 12. September eng Textpropos un d'Reglementskommissioun weidergereecht. Den 19. Juli (veuillez lire: 18. September) huet sech d'Reglementskommissioun mat där Propos ausernanergesat a mech zum Rapporteur ernannt. An de Kolleg Guy Arendt huet an där Sitzung zu Recht drop higewisen, dass, wa mer d'Auerzeit fir d'Chambersätzungen ëmmer mëttes um 14.00 Auer

festleeën, mer dat dann och sollte fir d'Moessët-zunge maachen, nämlech op 9.00 Auer. Fir de Rescht war d'Kommissioun mat der Propos vum der Presidentekonferenz averstanen an den 2. Oktober gouf de Rapport eestëmmeg ugeholl.

Well mer eis eigentlech bei all dese Punkten eens sinn, huet d'Kommissioun decidéiert, datt mer haut just de Rapport maachen an duerno keng Debatt méi féieren, mee direkt kënnen ofstëmmen.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen dem Här Cruchten villmools Merci fir säi schrëftlechen a säi mëndleche Rapport. Hien huet richteg gesot: Et ass e Riedemodell avec rapport et sans débat, soudatt elo keng Wuertmeldungen do sinn. A vu datt et hei ëm de Règlement vum der Chamber geet, froen ech och net, ob d'Regierung eppes dozou wëllt soen.

Mir kommen also direkt zu dem Vott iwwert diesen Änderungsverschlagn vum Chambersreglement, deen d'Nummer 8438 huet. Den Text steet am Dokument 8438¹.

Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 8438

D'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Schluss vum Vott.

D'Resultat vum Vott ass 60 Jo-Stëmmen, also och keng Nee-Stëmm a keng Abstention.

Ont voté oui : Mmes Diane Aderm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer (par Mme Françoise Kemp), Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet (par Mme Stéphanie Weydert) ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel (par M. André Bauler), Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par Mme Barbara Agostino), Gusti Graas, Mmes Carole Hartmann (par M. Gusti Graas), Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana (par M. Yves Cruchten), Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Taina Bofferding), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lener et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehic (par Mme Djuna Bernard), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ech soen Iech villmools Merci fir d'Unhuele vum diesen Ännerungen am Reglement an ech wëll och zu deem, wat den Här Cruchten gesot huet, soen, datt ech probéieren, déi Notioun vu rasonabel och esou ze interpretéieren en âme et conscience. Ech weess, datt dat dann net bei jiddwerengem ëmmer déi selwecht Interpretatioun wäert hunn, mee ech hoffen, datt Der dann nach nachgibeg sidd an datt Der mer gleeft, datt ech et esou gutt maachen, wéi ech et mengen oder wéi ech et ka maachen. Ech soen op jidde Fall och Merci fir d'Vertrauen, dat Der domat ausgedréckt hutt. Domat wär dann och dese Punkt ofgeschloss.

26. Ordre du jour (suite)

Eier mer elo zum leschte Projet de loi kommen, hätte mer nach zwou Saachen, déi ech wëllt, datt mer géife maachen. Dat éischt, dat ass: Mir hu virduen eng Motioun gestëmmt iwwert d'Institutioun vum enger Spezialkommissioun „Caritas“. Mir hunn och souguer decidéiert, datt mer eng Motioun an déi Kommissioun renvoyéieren. Dat heescht, mir hunn där Kommissioun schonn Aarbecht ginn, mee mir hu se awer nach net offiziell agesat. An haaptsächlech hu mer nach net designéiert, wie Member dovunner ass. Mir hunn do d'Geleeënheet geholl, fir mat deenen eenzelne Fraktiounen ze schwätzen. Ech hunn hei eng Lëscht kritt, wat d'Proposition vum der Kompositioun vum der Kommissioun ass. Ech géing Iech proposéieren, wann Der domat d'accord sidd, datt mer direkt déi Kommissioun och offiziell asetzen an och designéieren, wie Member vum där Kommissioun ass. Kënne mer dat esou maachen? Sidd Der domat d'accord?

(Assentiment)

27. Institution et composition d'une commission spéciale « Caritas »

Da fänken ech am Fong einfach mam Virliese vum de Propositione vum deenen eenzelne Fraktiounen un.

Also, et gëtt proposéiert, fir des Kommissioun folgend Memberen ze nennen:

Dat ass fir d'CSV: d'Madamm Diane Aderm, d'Madamm Nathalie Morgenthaler, den Här Marc Spautz, d'Madamm Stéphanie Weydert an den Här Laurent Zeimet.

Fir d'DP: d'Madamm Barbara Agostino, d'Madamm Carole Hartmann, d'Madamm Mandy Minella an den Här Gérard Schockmel.

Fir d'LSAP: d'Madamm Taina Bofferding, den Här Mars Di Bartolomeo an den Här Franz Fayot.

Fir d'ADR: den Här Tom Weidig.

Fir déi gréng: d'Madamm Djuna Bernard.

Fir déi Lénk: den Här Marc Baum.

An als Observateur fir d'Piraten: den Här Sven Clement.

Gëtt et dozou iergendwellech aner Virschléi?

(Négation)

Dat ass net de Fall. Ass d'Chamber da mat deser Zesummestellung averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert. Dann hu mer och do gutt Aarbecht gemaach a mir komme weider.

28. Ordre du jour (suite)

An dann hunn ech nach als anere Punkt vum Ordre du jour déi Resolutioun, déi d'Madamm Tanson haut erabruucht huet iwwert d'Commission consultative des droits de l'homme, déi ech haut op den Ordre du jour setze wollt. Wann Der domat d'accord sidd, da géife mer dat direkt maachen. Déi zwou aner Motiounen verlaangen nach méi Diskussioun, soudatt ech géif proposéieren, déi an der nächster Sëtzung op den Ordre du jour ze huelen.

29. Résolution de Mme Sam Tanson concernant la Commission consultative des droits de l'homme (CCDH)

(Motion déposée au cours de cette séance publique – à consulter en page 52 de ce compte rendu)

Zur Resolutioun iwwert d'Commission consultative des droits de l'homme, Madamm Tanson, Dir hutt se schonn erkläert ...

Mme Sam Tanson (déi gréng), auteure | Vlächet duerno.

M. Claude Wiseler, Président | Duerno vlächet eventuell.

Gëtt et dozou nach aner Stellungnamen? Ech gesinn, dat ass net de Fall. Dach, den Här Baum wëllt dozou Stellung huelen. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marc Baum (déi Lénk) | Merci, Här President. Déi nei Presidentin vum der Mënscherechtskommissioun huet an engem Interview drop opmierksam gemaach, datt de politeschen Discours, deen an Europa an awer och zu Lëtzebuerg gefouert gëtt, ëmmer méi rau gëtt a mat derzou bäidréit, datt en Zesummeliewen, en demokratescht Zesummeliewen ëmmer méi schwéier gëtt. Si huet och Beispiller dofir genannt, firwat si dat mengt.

Doropshin ass et e Post vum engem Deputéierten aus deser Chamber ginn, dee gesot huet, mat deenen Aussoen hätt si sech als – ech zitieren – „Feind vum der richteger Meenungsfräiheet an direkter Demokratie“ quasi geout an en huet dat bewäert als „skandaléis“ an „en Ennergruwe vum eiser Demokratie“, well weider d'Muecht vu gewielte Volleksvertreder ausgeet.

Also, éischstens ass et e Widdersproch, wann ee kritiséiert, datt dat eng Afrostellung vum der Meenungsfräiheet ass. Et ass en Ausdrock vum der Meenungsfräiheet, datt eng Presidentin vum der Mënscherechtskommissioun hir Meenung an enger öffentlecher Zeitung ka soen. An zweetens ass et e Widdersproch, datt op där enger Säit dann déi direkt Demokratie esou héichgehal gëtt an dann hir Meenungsfräiheet quasi ewechgehol gëtt mam Verweis drop, datt d'Muecht vum de gewielte Volleksvertreder ausgeet, also vum der indirekter Demokratie.

Här President, ech mengen, iwwert déi Petitiounen wäerte mer nach Diskussiounen hunn. Wësst Der, ech sinn e Verfechter vum der Opklärung. Ech si frou mam Kant sengem Sapere Aude a mam Austausch vum den Argumenter. A fir Argumenter kënnen auszetauschen, muss ee se och kënnen expriméieren. Eent dovunner huet d'Presidentin vum der Mënscherechtskommissioun hei gemaach. An dat, wat deen Deputéierte gemaach huet, ass eng Attack op hir Funktioun an eng Attack indirekt op d'Chamber, déi si instituéiert huet.

Duerfir mengen ech, datt déi Resolutioun vum der Madamm Tanson immens wichteg ass. Ech hoffen, datt mer hei zumindest 55 Stëmmen kréien, déi dat hei ënnerstëtzen. Well ech mengen, datt et ee ganz wichtegt Signal ass, dat mer hei aus der Chamber mussen erëmginn, datt mir fir d'Mënscherechter stinn.

A jo, wann d'Mënscherechter lénksideologesch sinn, da sinn ech och lénksideologesch. Wann de Saz aus der Verfassung „La dignité humaine est inviolable“ lénksideologesch ass – wat ech net mengen, datt en ass –, jo, da bekennen ech mech och als Lénksideolog. An ech wëll net einfach esou d'Plaz deenen iwwerloossen, déi ënner Meenungsfräiheet just hir eege Meenung mengen.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Baum. Dann hunn ech nach d'Madamm Bofferding, déi sech gemellt huet, an ech hunn den Här Keup, dee sech gemellt huet. Madamm Bofferding.